

- HORTENSE : D'Arlette, dat elo soll bei ons bleiwen, ass d'Duechter vun onsem rechte Cousin vu Pareis, dén örmmer e gro'ssen Train gefo'ert huet. Dém sein Haus hätt der solle gesinn: e Palais; an Dengerschaft; an Autoen; an Résen; d'Geld wôr Niéwesach. Dât huet misse schlecht ausgöen. Vrun 2 Joer huet en sech we'nst schlechte Geldspekulatio'nen d'Liewe geholl.
- DURANT : O, we' Schrecklech.
- HORTENSE : Dé Mann hât keng Moral. Dé beschte Beweis ass, dat hie ké Respekt virun ons hât.
- DURANT : En huet iech wehrscheihlech net richtig kannt.
- HORTENSE : Seng Frâ war 10 Joer virun gestuerven. en hat 2 Kanner: d'Arlette an de Jean.
- MARIE : De Jean ass 23 Joer âl . En ass an de Kongo gangen wo' hién eng interessant Situation krut.
- HORTENSE : D'Arlette huet démols an enger ganz distingue'enter Pensi'on bei Pareis stude'ert. De Familienrôt hat decide'ert dass et virun do bleiwe sollt, eso' guer an de' Vakanzen. Zenter e puer Wochen huet et 18 Joer an de' Notär sot, et wir ons Pflicht, et bei ons ze' huelen. Ech konnt net ânescht.
- DURANT : Dir hutt also JO gesot. Dât ass jo wonnerbâr. Ech felicite'eren iech. Dorunner kennen ech eröm ert gudd Hierz.
- Hortense : Wann dat jongt Kand an dé Schiquer Pension nôme net zevill am Luxe erzu go'f. A wé wess, wat et soss nach vu sengen Eltern ge'ierwt huet.
- MARIE : Ech hun eso' eng Ahnung we' wann d'Arlette ganz gentille wâr
- HORTENSE : Duechter vun eso' engem Papp kannet gentille sin
- DURANT : Eso' guer wann dat jongt Médchen eng schlecht Erze'ong kritt hât, wârt et sech bei iechschön hurteg verännern. Dir git him eso' é gudd Beispiel dass et all Dâg e be'sselchen besser gét.
- HORTENSE : ( ganz energesch) Här Durant, ech wârt et schon dresse'ert kre'en. An onsem Haus ass Ordnung, an de' muss hat respek'teren.
- DURANT : Vergiést net dass é mat Knöppelen keng Vulle fängt. Mat Vertrauen errécht én alles. ( e stét op) Hoffentle'ch hun ech Plai'se'er, èr Joffer Niece de'ser Dég én kennen ze'le'eren. Dir wösst jo we'ni ech ze spriechen sin.
- MARIE : Si wârdén all Ableck kommen. Well der net warden, Här Durant
- DURANT : D'Zich hun oft Verspe'dung. Ech mache mech hém. Bis geschwönn, dir Joffern. (Hortense rífft zur lenker Dîr eraus) Ernestine. ( Ernestine könnt)
- ERNESTINE : Wât gelífft Joffer?
- HORTENSE : Mâcht dem Här Durant Dîr op.
- ERNESTINE : Direkt Joffer.
- MARIE : Wârt eng Minutt, Här Durant, d'Ernestine muss nach d'Still ewechre'ckelen, d'Rédelen opmâchen an de' Schlössel ömdre'en. (d'he'ert én de' verschidde Gereischer)
- HORTENSE : Dir wösst jo, Wa ké Mann am Haus ass, muss én sech virun de De'w annuecht huelen.

DURANT : Maja; dir versetzt iech all owens an de' Belagerungszo'-  
stand. Mé dir hutt recht.

MARIE : Kuckt aus) Dîr ass op.

DURANT : D'Zuchbreck ass erôf glôss. Gudde Nuecht, dir Jofferen.

HO. a MA.: Bonsoir, Här Durant.

4. Oprett: Hortese, Marie, dann Ernestine  
=====

HORTENSE : Marie, dre' d'Luucht kleng.

MARIE : Sie wârden gleich hei sin ( Et he'ert én Ketten a Rêdelen

HORTENSE : Hues de gehe'ert, wât den Här Durant gesôt huet? D'Zich  
hun oft Verspe'dung. Wann se' an enger halwer Stonn net hei  
sinn, da gin ech schlôfen. Du wéss jo, wann ech mei Compte  
net geschlôf hun, dann hun ech dén âneren Dâg meng Migraine

ERNESTINE: (kônn't erôm) Lich hun hannen an der Strôss den Omnibus he'e  
ren. Vleicht huet Joffer Arlette dé geholl we'nst hirem  
Gepäck.

HORTENSE : Den Omnibus. (schle't d'Hänn zesummen) Och nach den Omni-  
bus. Firwât net eng Luxusmaschine. Dât gleicht déne Parisien-  
nen. Mat hire Strômp we' Spawecken an hiren Tallongen ewe'  
Stelzen. Si sollen Bottinneh undon we' d'Rosalie, da kom-  
men se' iwerall virun. Et gét scho gudd un. (Et he'ert én  
d'Schell 3 mól)

MARIE : (ängschterlech, awer fro') Dât sin se'. Hurtech, Ernestine.  
d'Ketten; d'Rêdelen an Schlösselen.

HORTENSE : (zum Marie) Aplatz dech eso' opzerégen, dre'n d'Luucht me'  
gro'ss.

MARIE : Ech hun eso' 'é Gefill we' ' wann d'Arlette ganz gentille  
wâr.

HORTENSE : Mé ech wârt em d'Omnibussen unhänken.

MARIE : D'huet dach Gepäck.

HORTENSE : Et hätt jo können é Gepäckdre'er huelen

MARIE : Hei könnt et; hei könnt et.

(D'Arlette ganz einfach ower chic:Präbeli Tom Pouce, le'w  
Vqlise, d'Tennisraquette an enger Housse, d'Golfschle'er an  
enger Housse iwer d'Schölller hänken. Rosalie a Jeanne  
hannendrun)

5. Oprett: Arlette, Hortense, Marie, Rosalie, Jeanne, dann Ernestine  
=====

ARLETTE : (ganz fro') Bonsoir, Cousine Hortense. Ech si wirklech fro'  
Iech kennen ze' le'eren.

HORTENSE : Bass de' mam Omnibus vun der Gare komm?

ARLETTE : Nén, ech si mat der Cousine Jeanne zu Fo'ss komm

ROSALIE : Ower, ech hu missen den Omnibus huelen. Ech konnt net me'  
mat mengen Bottinnen.

- JEANNE : An well den Omnibus nach op âner Zich gewârt huet, si mir zesummen ukomn.
- MARIE : (zum Arlette) Hies de eng gudd Rés, Arlette?
- ARLETTE : O jo, ech hat mir é ganz spannende Roman kâft, dun ass Zeit mer net lîng gin
- HORTENSE : Da liésst du Romanen?
- ARLETTE : Mé we' all Me'nsch, Cousine Hortense.
- HORTENSE : (be'sseg) Abé, mir liésen keng.
- MARIE : ( wiert of) Komm, lé deng Sâchen of
- ARLETTE : Mat Plaise'er ( et ge't dem Ros. seng Valise, dem Jeanne seng Raquette, dem Marie sei Prabeli an dem Hortense seng Golfschle'er)
- HORTENSE : De' Denger gin dach hoffentlech net lass.
- ARLETTE : Nén, nén, sitt ganz ro'ég. Dârf ech mein Hutt ofdôen?
- JEANNE : Natirlech.
- HORTENSE : ( kuckt d'Arlette entsât) Hues d' d'Hoer geschnidden?
- ARLETTE : Gét et mir dann net?
- HORTENSE : ( geschloen) T'ass firchterlech.
- MARIE : Ech fannen et ganz le'f, geld Rosalie, et ass flott.
- ROSALIE : Ech din emol meng Bottinnen aus (setzt sech)
- ERNESTINE : (kennt eran) All Gepäcks stét am Gank. Wann der eraus gitt, da sto'sst iéch net widdert de' Velo. ( bringt Schlappen, holt d'Bottinnen mat)
- HORTENSE : E Velocipède. Hues de nach eso' eppes matbruecht?
- ARLETTE : Majô... Ass dât dann é Verbriéchen?... Ech fueren alt gâr heiansdo én Tirchen mâchen.
- HORTENSE : Dat ass onnerhe'ert. Hues de schons eso' eppes he'eren, dass Médercher aus guddem Haus Tîr mam Velocipède mâchen..
- MARIE : Arlette, du ge'fs vleicht gâr eppes iessen?
- ARLETTE : Nen, merci. Ech hun am Wagon-Restaurant giéss.
- HORTENSE : Elo e'sst et och nach am Wagon-Restaurant. Wât eng Moralite't...
- ERNESTINE : Ech hun Wâsser opgesât fir Te'. Well der Kane'lente' oder Lannen?
- ARLETTE : Lannen, wann ech gelifft (Ernestine ôf)
- HORTENSE : Bringt e' gleich, Ernestine. Et ass schreckle'ch spe't; mer musse swlofe goen... Muer ge'ss de' dann an deint neit Liéwen agefo'ert, an ech hoffen dass de' dech hurteg dru gewins. Ech weisen der och nach eng Plâtz um Speicher, wo'ss de' de barbaresch Instrumenter kanns hiléen.
- ARLETTE : Dir wârt mer dach hoffentlech mei Prabeli lôssen...

- HORTENSE : We' ass dat e Parapluie; ech hu ge,engt et wier e Pâk Macaroni.
- ERNESTINE : Hei ass ären Te'. Wât wöllt Jöfferchen mâr de mueren fir hire Kaffi?
- HORTENSE : Mir drenken Kakao mat Mérenken.
- ROSALIE : Hues de dât och gär, Arlette?
- ARLETTE : Ech soen ganz oprichtig, dass ech le'wer Bro't a Me'llech hun. Ech fannen dass Merenken zevill der Watt gleichen.
- HORTENSE : A so', dann iessen mir also Watt.
- ARLETTE : So', lo sin ech färdeg.
- HORTENSE : et ass awer och ké Schued. Ech délen dir mat dass mir mueres um 6 Auer Kaffi drenken. Wells du âwer mâr midd bass, kanns de' lâng schlôfen.
- ARLETTE : Merci, Cousine
- HORTENSE : Du stés dann um 7 Auer op.
- ARLETTE : Alt gudd!
- HORTENSE : An elo, Kanner, Losst mer opraumen (Si klappt an d'Hänn we' eng Le'erin. D'Still gin op d'Seit gesât; d'Jeanne höllt d'Sölvergeschir am Buffet)
- ARLETTE : ..Dre dir d'Argenterie uewenopp?
- JEANNE : Majô, all owens wenst den De'w (D'Arlette höllt seng kleng Valise; Marie, Rosalie an Ernestine brengen 6 kleng Lämpcher)
- HORTENSE : Da losst mer goen  
(All Joffer höllt eng Lämpchen, gött der Hortense d'Accolade dann emärbelt eng de' âner a sét:Gudde Nuecht; dât Ganzt soll ausgesin we' eng kleng Quadrille. D'Arlette mecht dat selwecht a sét 4 môl Gudde Nuecht, Cousine)
- ERNESTINE : Kann ech d'Lücht ausmân?
- HORTENSE : Jo.
- ERNESTINE : Gudde Nuecht, dir Jofferen  
( Et ble'sst d'Lücht aus; et geseit én nörmen de' 6 Lämpcher )

R I D E A U

2. A k t

-----

1. Oprett Rosalie, dann Ernestine, dann Arlette  
=====  
Dekor we' am 1. Akt. D' Rosalie sötzt um Dösch, de Kapp öner  
engen Handdusch, iwer eng Kasserole: et inhale'ert, et jeitzt

ROSALIE ; Ernestine, Ernestine, ech erstecken.

ERNESTINE: ( könnt gelâf) Wârd emol, ech muss op d'Auer kucken

ROSALIE : Ech kann net me'

ERNESTINE: Nach 1 Minutt

ROSALIE : Ech kre'en keng Loft me'

ERNESTINE: Dat huet neischt ze' soen. Macht är Longen so' weit op we'  
me'glech, dass et era gét bis an deck Ze'f.

ROSALIE : ( geheit d'Handdusch ewech) Nén, nén, ech hun esgenug. Ech  
wöll mei leschten Krésch net an eng Kasserole dun.

ARLETTE : ( könnt löschteg Trâp erof) Ah, eso' inhale'ert dir, Cousine  
Rosalie. Dir ströppt de' lescht Minutt, dat ass net gudd.

ROSALIE : Wârd, ech muss mir d'Gesicht ofbotzen, ech schmelzen

ERNESTINE: Stiécht hurteg eröm är Stöpp Watt an d'Oeren a vergiésst  
net, dass dir eröm a 5 Minutten e Lâffel Sirop musst huelen

ROSALIE : Nén, nén.....

ERNESTINE: An an enger Ve'ere! Stonn gurge'len..

ROSALIE : Jo, jo..

ERNESTINE: Fir derno brauen ech iéech dann eng Tâss Héleiter-Te'

ROSALIE : Merci, Ernestine (Ernestine lenks ôf )

ARLETTE : Wösst der Cousine, am Enn dun se' iech nach gléwen, dir  
wârt vill krank.

ROSALIE : ( paff ) Mé dat sin ech och

ARLETTE : Wât félt iech dann?

ROSALIE : Ech hun én uergen Schnapp. A wann én dén net versuergt, da  
kann èn eng Longenentzündung kre'en.

ARLETTE : Allez, allez, d'Hortense huet iech dat secher agetrîchert,  
gläwt et dach net. Lo sin ech drei Wochen hei an ech hun  
alles gudd observe'ert. Soll ech iech soen wât meng Cousine  
Hortense ass? Sôt der et och net eröm?

ROSALIE : Kann én denken.

ARLETTE : Abé, d'Hortense ass eng Drummsé. Well sie nôm do't vun ärer  
Mann de Kommando hei iwerholl huet, brauch sie ower net  
opzetriéden we' e Gendarm. Ech hun he'eren dir an är Schwe's-  
teren hätt als Jongnédercher net vill Fréd gehât. Ass dat  
wo'er Cousine?

ROSALIE : De' Person de' dir dat gesôt huet, huet bestörmt ons Famill  
gudd kann. Wé wôr et?

ARLETTE : Ah, Cousine... Secret professionnel!

- ROSALIE : Ech hât mech nie ze bekloen. Ech hat ömmer eso' eng delikat Gesànhét
- ARLETTE : Oh jo, anan dém Alter, wo' de' âner Médercher vu Gle'ck a Le'ft gedrént hun, hu dir Te' gedronk a Plôschteren op-geluecht.
- ROSALIE : De' kleng Beschäftigungen hun mei Liéwen ausgeföllt.
- ARLETTE : (zo'traule'ch ) Dir sit eso' le'f, Cousine Rosalie, ech kann iech gudd brauchen. Fand dir net dass et engem gudd dét hei ant do engen sein Hierz ausze'sche'den.
- ROSALIE : Oh dach...
- ARLETTE : Dir hat mir dach émôl verziélt, dass d'Cousine Jeanne an d'Cousine Marie âner Ideen hâten we' dir.
- ROSALIE : Oh jo, Jugendspreng. D'Jeanne hätt gären virugele'ert, an d'Marie hätt sech gären bestued; mé de' Dräm sin verflun, zu Fonken aus.
- ARLETTE : Oh jo, durch hir Altesse Feiersprötz I- dat wor d'Madame Davernis,er Mamm - an d'Feiersprötz II - d'Joffer Hortense
- ROSALIE : Oh,wât én Ausdrock fir d'Hortense: Feiersprötz II .
- ARLETTE : Ünner ons gesôt, mengt dir de' Feieren wären zu Quonken aus Sollen de' 2 net alt nach eng kleng hémlech Hoffnung behâ-len hun?
- ROSALIE : Dât ass alles schon eso' lang hier
- ARLETTE : Ech hun och he'eren, d'Madame Davernis hätt eso' eng gudd Fröndschaft gehât,eng gewössen Madame Hyacinthe, an der hire Fils wär Professor am Kollesch gewiéscht . E gudden Dâg soll en Hals iwer Kopp d'Stât verlôss hun. Wât stuch do derhannert?
- ROSALIE : Dât sin ech nie gewuer gin. Ons Mamm huet Madame Hyacinthe net weider kannt. D'Leit hu behâpt, dé jonge Mönsh wär 10 Joer lâng dorömm gerést. D'Joffer Melanie Birestill huet mir virge'schter verziélt, en hätt zenter e puer Wochen seng Plâtz erôm hei an der Stât am Kollé'sch.
- ARLETTE : ( fro' ) Wât der net sôt. Dann ass en erôm do...
- ROSALIE : Firwât bass de' dann op émôl eso' fro'?
- ARLETTE : Duerfir--- ech hun eben e löschtegt Temperament.
- ROSALIE : Aremt Kand. Du hues bestömmt net vill Fréd hei bei ons.
- ARLETTE : ( spöttesch ) Gewöss; wât Dancingen ugét, do gött et me' flotter.
- ROSALIE : Wuerno verlängerst de dann am méschten?,aus dénen Jôren wo'ss du reich wors?
- ARLETTE : Ech wéss et net....Dach ech wéss et....Dât sin de' Me'nt wo' ech zu Biarritz wôr. Mir göngen an de Casino, mir hun Tennis gespillt, et wore ganz flott Jongen do...
- ROSALIE : Du wölls soen " é flotte Jong "
- ARLETTE : Dir sidd lûsseg,Cousine Rosalie. Jacques wôr sei Numm. Mé en ass weit fort vun hei, eso' weit we'meng sche'n Toiletten,mein Auto a mein Appartement vun Pareis. Elo hun ech nômmen me' én Liéwenzweck: mengor Cousine Hortense ze' follechen.
- ROSALIE : D'Hortense ass stramm,mé am Fong net schlecht.

ARLETTE : Dat kann én wun all Mönch soen; am Fong ass ké Mönch schlecht.

ROSALIE : Et muss én nömmen oppassen, dass én net mat him zesummen ste'sst. Wéss de schon dat et we'nst engem Kullang am Haff, den dröpst, schon 8 Joer lāng mat onsem Propriétaire am Krichzo'stand ass; an hat behālt d'lescht Wuert.

ARLETTE : Jidderén ass frei, sei Stolz op seng Mane'er ausze'léen. D'Hortense setzt hiren dann eben an e Kullang.

ERNESTINE: (kōnnt eran) Joffer Rosalie, et ass Zeit fir āre Sirup

ARLETTE : Ech halen iech dann net weider op. Ech gin erōm uewen op.

ROSALIE : Wāt me'chs du dann Sche'ns do uewen?

ARLETTE : Ech beschāftigen mech an d' Zeit get mir net lāng ( Et gét d'Trāp erop)

ERNESTINE: ( huet eng Fläsch an der Hand, fōllt e Lāffel, récht en dem Rosalie) Allez, drenkt.

ROSALIE : Ah, we' schmācht dat eso' āllen?

ERNESTINE: Nu leckt de Lāffel of. Dir lōsst ömmer d'Halschecht önnen dran.

ROSALIE : Hurteg eng Bonbon fir dém āllene Goūt lassze'gin.

ERNESTINE: Hei,hei (et brengt eng Kōscht aus dem Buffet.(Hortense, Jeanne a Marie kōmpen eran)

2. Oprett Hortense, Marie, Jeanne an Ernestine. Si sinn ugedoen:hir  
===== Kartubbeln an hir greng Hitt

HORTENSE : Mir hun ons Kommissionen gemach.( Et schellt )

ALL : (ganz perplex) A Wien ass dat? (et schellt erōm)

HORTENSE : Ah, elo denken ech drun; et ass onsen Propriétaire. Ech hun en heihin bestalt

ERNESTINE: Wuer soll ech den Här fe'eren?

MARIE : An de Salon

HORTENSE : Nén, d'Jalousien sin zo'

ERNESTINE: An d'Houssen sin op de Fotellen

HORTENSE : Fe'ert hién hei eran (Ernestine rechts aus:Hortense ganz stramm zum Marie) Marie, huel ons Kartubbeln mat ewech (zum Rosalie) Rosalie; ze' d'Ridoen zo' (zum Jeanne) Jeanne, klapp d'Coussinen op ( den Här de la Fontaine kōnnt eran)

3. Oprett Fontaine, Hortense, Rosalie, Jeanne a Marie  
=====

FONTAINE : (mecht eng Reverenz) Bonsoir, dir Jofferen.

HORTENSE : (op engem kālen to'n) Bonsoir, Här de la Fontaine

RO. JE. MA.: Bonsoir, Här de la Fontaine

FONTAINE : Joffer Davernis, dir hutt mech kommen gelōss

- HORTENSE : (um selwechtenlo'n) Maja, Här de la Fontaine
- FONTAINE : Ass dann eppes geschitt? Ass den Dâg agebrach? Ass eng Mauer zesumme gefall? Ass de Keller iwerschwemmt?
- HORTENSE : Nén, Här de laFontaine. Et handelt sech öm de Kullang
- FONTAINE : Nach ömmer.
- HORTENSE : Haut fänke mir dat 8. Joer vun onsem Streit un. Ech we'sst elo gär op dir de Kullang flöcke lösst oder net?
- FONTAINE : Rönnt en nach ömmer?
- HORTENSE : (Ömmer me' nervös) Dât schmotzegt Wässer léft we' eng Bâch lânscht d'Mauer vun Haff. Acht Joer hu mir dat degoutânt Bild do virun Aaen. Zenter 8 Joer biéden ech iech, de Kullang flecken ze lössen. An 8 Joer lãng refuse'ert dir
- FONTAINE : ( ganz ro'eg) Joffer Hortense, ech hun iech schon vrun 8 Joer gesôt, dass de' Reparatur zu äre Lãschte wãr, well de' Kullang verstoppt ass durch Offãll, de' aus ärem Speicher geworf go'wen. An ech soen iech dat haut nach eng Ke'ër. Zönter 8 Joer muss ech ärt Geso'ers nôlauschteren. Dir hut am beschten, hurteg én Arbechter kommen ze' lössen, dén et mecht, well soss kann de' Sãch nach 9, 10, 11 an 12 Joer daueren. Ech hun d'E'er iech matze'délen; dass dir mech net me'll kritt.
- HORTENSE : Ah, so dir wöllt de' Krich. Gudd, ech lössen et drop ukommen...Dir sit e Propriétaire dé kén Härz huet. Dir macht mech nach krank mat ären Diskussio'nen.
- FONTAINE : Da musst der den Dokter komme lössen. Mã et wãr me' gescheit de' Blechschle'er ze ruffen.
- HORTENSE : ( ausser sech) Ass dat erlãbt, eso' en Affront
- FONTAINE : ( ironesch) Au revoir, joffer Davernis - Neischt fir ongudd ( nô rechts aus, d'Marie gét mat)
4. Oprett Hortense, Rosalie, Marie a Jeanne  
=====
- HORTENSE : ( ganz gereizt) Hutt der dat he'eren? Wãt eng Insulte, ower echwãrt en dresse'eren, an ech wãrt och nach dat krappecht Arlette dresse'ert kre'en ( zum Rosalie) Wo' ass et iwerhãpt?
- ROSALIE : ( ziddert) Ech mengen a sengem Zömmmer.
- HORTENSE : Et fãngt un sein Kãppchen ze weisen
- MARIE : Ech gin et sichen (gét d'Trãp erop)
- HORTENSE : Dât Kand huet Alluren, de' mir guer net gefãlen. Hutt der sein Trousseau gesin?
- JEANNE : Jo
- HORTENSE : Hiémer we' eng Actricø. Ech kãfen him der emôl aus guddem solide Lengend.
- MARIE : ( vun der Trãp erôf) D'Arlette ass net op sengem Zömmmer ( gét eröm op Kucken)
- HORTENSE : ( mecht d'Dir vu lenks op) Ernestine!
- ERNESTINE : ( an der Kulisse) Echstin op der Léder meng Fensteren ze' wãschen. Wãt ass dann elo nés?



HORTENSE : Wo' ass d'Arlette?

ERNESTINE: Ech mengen a senger Kummer.

HORTENSE : Nén, et ass net do.

ERNESTINE: Da wess ech et net.

MARIE : (vun der Trâp erof) Echfannen d'Arlette ne'erens.

HORTENSE : Do hu mer et jo. Ech hun der Joffer de' Mueren eng Remarque gemacht. Lo huet die sech verstoppt. Sie wärt motzen.

JEANNE : Amstand genuch, d'Kandhuet sech ewech gemacht. De'Pareiser Zuch fiert um 5;32 Auer. Echwetten et ass op d'Gare.

ROSALIE : Et ass 6 Auer.

JEANNE : Dann ass et scho weit fort.

MARIE : (könnt d'Trâp erof) Nén, dat kann net sin. Et ass net fort

ERNESTINE: (aus der Kulisse) Hut der dann och schon um Speicher gekuckt?

HORTENSE : A Wât geng et dann do mâchen?

JEANNE : Da losse mer op de Speicher Klammen.

HORTENSE : Soit. Loss mer op de Speicher klammen (Hortense, Rosalie, Marie, Jeanne an Ernestine gin op d'Trâp zo'; Uewen könnt d'Arlette eraus)

HORTENSE : (ganz verwonnert) Arlette, du!

RO. JE. MA. ER. (ruffen hannere'nén) Hei, hatt!

5. Oprett De' selwecht an d'Arlette  
=====

ARLETTE : (ganz einfach) Dir wärt dach net no mir sichen?

ALL : Mé dach!

HORTENSE : Wât ass dat do da nés fir eng vereckt Idee?

ARLETTE : (ganz amuse'ert) Dât ass keng verreckt Idee, Cousine Hortense Ech muss iéich dât emol explize'eren (Jiddereng sötzt op hirer Plâtz op der Trâp. D'Arlette schwetzt fun uewen. Dât Ganzt soll komesch wierken)

HORTENSE : Do sin ech awer gespânt

ARLETTE : Dat Wuert Speicher ass fir mech én Zauberwuert. Fireng Parisienne get et keng sche'ner Plâtz.

JEANNE : A wât ass da Sche'ns op engem Speicher ze' fannen?

HORTENSE : Stöps

JEANNE : Spannen

ERNESTINE: Meis;!

- ARLETTE : Do fünd én Kléder aus dem vieregte Johrhonnert; zerknûtsche Krenolinnen, Hitt ewe' Plättelen mat Blumnegärt drop, a le'f kleng Döpcher Mat Voiletten; gebrache Fächeren, wo' mat vleicht munch galanten Här op d'Fangeren oder op de Mond geklappt krit huet wann en ze' keng go'f.
- ALL : Oh, we' schrecklech!
- ARLETTE : Bonbonnières mat engem gölle Bord, de' eng Joffer ivun engem Joffer vun engem fletten jongen Här offre'ert krût, âl Tubaksdo'sen, vleicht eso' guer é Knapp vun Napoleon sengem Paltong.
- ERNESTINE: (riff) Vive de' Napoljeng!
- HORTENSE : Ernestine, gitt an èr Kichen (Ernestine ôf)
- ARLETTE : Mé wât hât ech eng Deception
- ALL : Ah;
- ARLETTE : Äre Speicher ass eso' propper, dass ech net môl é Spaweck dran entdeckt hun. D'Köschte stin do an der Reih we' d'Saldoten, ké Stöpsche leit drôp. Et ass wirklech schued dass et mol keng richtig Speicherere me' get.
- HORTENSE : Wéss du da net, mei Kand dat dât guer net hygienisch ass, eso' âle Krôm am Haus ze' hâlen ( et ge't geschellt)
- ERNESTINE: (riff aus der Kichen) Et huet geschellt. Ech gin opmâchen.
- HORTENSE : Et ass elo gudd Kand. Hâl deng Fantaisie e besschen am Zâm
- ARLETTE : Jo, Cousine, mein Drâm ass aus. Ech klammen vun mengem Dauweschlag erof (Marie, Jeanne, Rosalie, Hortense an Arlette klammen d'Trâp erof. D'Ernestine könnit eran)
- ERNESTINE: et ass den Här Durant. Ech hun en an de' Salon gefe'ert. Ech hun d'Jalousien erop gezunn, an ech hu gesôt; e soll verexcuse'eren, dass d'Houssen iwer d'Fôtellen gezun wieren (Hortense, Rosalie a Jeanne no rechts aus, d'Arlette hält d' Marie zreck)

6. Oprett Marie an Arlette  
#=====

- MARIE : Hues de' mer eppes ze' soen, Arlette?
- ARLETTE : Jo, sôtzt iech emol.
- MARIE : A wât gött da Naits?
- ARLETTE : (schmèchelech) Ech sin wirklech fro' mat iech, Cousine Marie an echwe'sst gären, ob der mech och gudd leide könnit
- MARIE : Ma secher, Arlette. Ech hâlen all Ke'er deng Partie, wann d'Hortense ze'vill streng mat dir ass.
- ARLETTE : Merci, Cousine, dat ass awer gentille.
- MARIE : Ech sin deng Frendin, gléf mer es. Mé mir zwé sin eso' verschidden, - t'ass zwar éfällag vu mir fir eso' eppes ze' sôen - bei dir kommen ech mir eso' domm vir. Du wéss eso' villes wo'fun ech keng Ahnung hun. Du bass eso' intelligent, eso' aktiv....

- ARLETTE : Nu lues; Cousine, et gét duer (proteste'ert)
- MARIE : Ech färten ömmer, du gengs mech lächerlech fannen
- ARLETTE : dât sin dach Dommhéren. Récht mer mol Er Hand, da liésen ech dran op mir eso' verschidde sin we' dir mengt
- MARIE : (verwonnert) Oh, bass du och Wahrsagerin?
- ARLETTE : (kuckt hir Hand) Jo, wann ech grad gudd Zeit hun, nu wibbelt net
- MARIE : (we' é klengt Kand) Du köddels mech
- ARLETTE : (feirelech) Jo, natierlech
- MARIE : Wât dann?
- ARLETTE : (mat Beto'nung) Dir wârt net ömmer wa' elo. Haut did dir eng âl Joffer. Mè an èmer Jugend hât dir munech sche'n Drém
- MARIE : (erschreckt) Ro'eg, Arlette, wann én dech ge'f he'eren
- ARLETTE : (mat komischer Autorite't) Ech gesin e Mann an èrer Hand, Cousine Marie
- MARIE : (ausser sech) We; é Mann a menger Hand?
- ARLETTE : Jo, é Mann dén dir gären hât a mat dém dir iéch gâr bestued hätt..
- MARIE : ( wollt spâssen) Oh, dat kann én bâl vun all Médche sôen
- ARLETTE : (me' deitlech) Dé Mann war Professor
- MARIE : (opgerégt) WE'..
- ARLETTE : Soll ech iech sein Numm soen? E gét mat engem U un
- MARIE : (ganz erfe'ert, sprengt op) Hâl op ,Arlette. Du därfs net eso' aus der Hand liésen. Dât ass jo Hexerei.
- ARLETTE : (lächelt) T(kann én denken. Dât ass gewöss Hexerei, t'ass dach nômme Spâss. Ech wôr nach nie eng Wahrsagerin
- MARIE : (ganz virwetzig) Wo'hir wéss du dann alles?
- ARLETTE : Vun dém Professor
- MARIE : Wât??
- ARLETTE : Nu kommt, sôtzníech erôm hier bei mech a lauschtert no. We' ech lo e'nscht um Speicher wôr, hun ech an engem Maureschâf èrt Tagebuch fônd, dat dir als jongt Médchen geschriwen hut, an ech hun et mat Begéschterung geliéss.
- MARIE : (schimmeg) Oh, mei Journal. Ech hu gemengt e' wâr verluer. Ech wéss net me' wat ech dra geschriwen hun
- ARLETTE : da lauschtert: Et wôr den 3. Mai; ; ; .. Mei le'we Journal. DIR hun ech all meng Drém a meng Enttäuschungen uvertraut. Haut soll dén e'schte Sonnenstrahl vun de'sem JOer op dei Papeier fâlen. Ech schreiwen bei menger Fenster. Et ass sche' Wieder Wuefir sin ech haut eso' fro'? Ass et d'Sogn? Ass et meng Phantasie? Elo e'nescht hun ech é Jong be'gent. Sein Nummass Ulysse Hyacinthe..... Der sôt e' wier Professor am Kolle'sch A vun do un richt der iech an fir en all Mueres ze' be'ge'nen

- MARIE : Ech hu gemengt, mir ge'fe geschwönn bestued. Leider go'f ech op émol gewuer, dass hién mat senger Mamm sollt aus der Stât fortze'èn. Ech hu nogekuckt we' e geplönnert ass. Et wôr am Summer. D'Klacke vun der Cathedral hu grad gelaut we' hién aus den Haus gong. Et wôr we' é Begrievne's.
- ARLETTE : We'ni go'ft der da gewuer, dass den Här Hyacinthe we'nst a ärer fortgângen ass?
- MARIE : Lâng duerno. Meng Mamm wollt fun onsem Mariage neischt wessen, sie wollt an onser Famill kén einfache Professor Vu 7e, an sie huet mech net emôl gefrôt. D'Joffer Melanie Bire still huet mir d'Woerecht gesôt. 10 Joer lâng hun ech gemengt den Här Ulysse hätt mech vergiess. D'Joffer Melanie sot mer en hätt all Kollé'scher vum Land geklappt, mé et huet em ne'erens gefall. Eso' bâl en erôm enzwo' wâr, huet en seng Versetzung erôm ugefrôt.
- ARLETTE : An zenter e puer Wochen ass hién erôm hei.
- MARIE : (verwonnert) A wo'hier wéss du dat?
- ARLETTE : Ech hu mech emfrôt.
- MARIE : (verdrösserlech) War kann dir dann dorunner leien?
- ARLETTE : Mir leit ganz vill drun, well dir iech elo ganz einfach mat him bestued, Cousine Marie.
- MARIE : (zitt d'Schölller) Allez, sief dach weiss. Den Här Ulysse an ech hun ons zenter 10 Joer net me' gesin.
- ARLETTE : Mé grad duefir. Dann hut der iech jo bestömmt ganz vill ze' verzielen.
- MARIE : Du fantase'ers, Arlette. Du schwetz ewe' e Kand. Ech sin dach aus dém Zand fir mech ze' bestueden. Ech sin dach eng âl Joffer.
- ARLETTE : An hien ass én âle Jonggesell.
- MARIE : Wann hién mech dann elo net me' gären huet?
- ARLETTE : Do sid ganz ro'eg. Wann é Médche gären huet, dann ass et fir d'ganzt Liéwen.
- MARIE : Et ass net sche'n vun dir mech eso' ze' pengegen.
- ARLETTE : (energisch) An Zeit vun 2 Dég hun ech mam Här Hyacinthe geschwât.
- MARIE : Oho, dat gesech ech awer mol gär. D'Hortense passt ons ze'-vill op. Du dârf's net emol eleng raus goen
- ARLETTE : Mengt der ech hätt mir dat net alles op mengem Speicher iwerluegt? Ech hu mir e gudde Plang gemét. Ir 6 Mé'nt erôm sin, stét an den Zeitungen d'Annonce vun der Joffer Davernis mam Här Ulysse Hyacinthe. An ir 2 Joer erôm sin, ass e le'we klenge Bébé ukomm, dén senger Mamm hir blô aen huet a sengem Papp....
- MARIE : (ame'se'ert) Bass de' bâl stell, Arlette; du déss mech lâchen.
- ARLETTE : Dat ass geroden, Cousine Marie. An elo nacheng Valse hannen op de' ganz Geschichte. (et zitt d'Marie mat virun)

7. Oprett(de' vierecht; Hortense, Durant, Rosalie a Jeanne kommen eran)  
=====
- HORTENSE : (scandalise'ert)O, Här Durant kommt net eran.
- DURANT : A virwät dann, Joffer Hortense?
- HORTENSE : Dat Kand mecht mech nach-verreckt . Wat dät fir én Dur-  
chernén heñ mecht, et ass kengem Mensch ze' soen.
- ARLETTE : Bonjour, Här Durant, we' gét et?
- DURANT : Bonjour, mei Kand. Ech ko'm bei ere Cousine lânscht, fir  
eppes zu Gonschten vun onsen Armen ze' organise'eren.
- ARLETTE : Do kann ech och hellefen, Här Durant.
- DURANT : Du??
- ARLETTE : Wät ge'ft der dovun soen, wann ech iech ge'f eng gro'ss  
Tombola organise'eren de' an enger Matinée gezu ge'f?
- DURANT : Dorun hun ech schon oft geduecht. Ower we' dat praktesch  
mâchen?Do muss én Gewönner sammele göen,Lo'se verkâfen,  
an eso virun..Dat ass net eso' einfach.
- ARLETTE : Ech kömmere mecheem alles. Ech gin vun Haus zu Haus.
- HORTENSE : Ech well net dass du eleng eraus géss.
- DURANT : Waß ass dann dobei? D'Joffer Arlette gét nemme bei de' Fa-  
miljen, de' mir hir ugin. Do kann dach nömme Gudds fir  
ons Arem eraus kommen
- HORTENSE : Wann dir d'accord sid, Här Durant, da sin ech bero'egt.
- DURANT : Gesid der we' einfach( zum Arlette) Do har dir eng gudd  
Idee, Joffer Arlette. Elo braucht der nömmen nach e Plang  
ausze'schaffen. De' Matinée organise'ere mir an onsem  
Vereinssall, an ons Jugendvereiner wärden sech eng E'er  
draus mâchen, fir Iech Artisten ze' liweren. Ech denken  
do un d'Joffer Jeitz, de' helleft ons bestömmt, sie sengt  
wonnerbar.
- HORTENSE : We'? Kann d'Joffer Jeitz sangen?
- ROSALIE : Wat fir eng Joffer Jeitz? Et get der nämlech 2.
- JEANNE : M'schtens: d'Niece vun der Madame Martin; de' wor 3mol  
bestued an sie hat 6 Médercher
- MARIE : Dat ass d'Henriette Jeitz (d'Joffer sin bei hirem Lieb-  
lingsthema. Sie gruppe'ere sech em den Här Durant, sie  
schwätze ganz se'er an opgerégt)
- HORTENSE : Nén, dat ass d' Louise. Hun ech net Recht, Här Durant?
- ROSALIE : D'Henriette, dat ass eng vun dem Här Jeitz sengen Diéchter  
aus dém 1.Mariage.
- JEANNE : (ganz vif) Dat hun ech jo just gesot. Eng vun hire Schweste-  
ren wor dem Här Gerard sen Frâ. 2 Joer no hirem Ro't huet  
hien sech mat sengem Dengschtmédchen bestued.
- DURANT : ( ongedelleg) Ech wéss et net, dir Jofferen.
- MARIE : (energisch)D'Rosalie huet recht, Här Durant. Nömmen de'  
Person vun der mir schwetzen, dat ass d'Henriette.

HORTENSE : (geret emmer me'än d'Feld) D'Sach ass ganz einfach. D'Louise ass Duechter aus dem 3. Marlage vum Här Jeitz, den sech noeren mat 3 Diechter vum Här Lasalle bestued huet, den der 4 hat. Hien hätt de' 4. och nach geholl, mé amplaz dass hien de' 3. begruewen huet, huet sie hien begruewen, an no engem Joer gof sie d'Madame Dokter Lessure.

DURANT : (verzweifelt) Halt op, halt op, dar Jofferen. Au revoir. (léft no rechts fort. Si lafen him no a ruffen)  
Här Durant, Här Durant!

3. A K T

-----

D'Bühn stellt e Scho'lsall am Kollesch duer. D'Bänken, eng Tafel, rechts d'Pult vum Professor. Am Fond eng Dir, an 2 vergittert Fensteren, de' op den Haff gin. Un de' Maueren Landkärtchen, lenks eng kleng Dir.

1. Opret: Hyacinthe, Jaques, Augustin

=====

(et he'ert én d'Bäll widert d'Fensteren klâken. Den Här Hyacinthe setzt op sengem Puett. E verbesser Hefter, mé e get emmer me' nervös. E sprengt op a mecht d'Dir op. En iergert sech iwer d'Jongen de' am Haff spillen)

HYACINTHE : Dir Reiberband. Hält der op mat déne Bäll. Dir macht et bestämt express. Looset mech doch schaffen. (frendlech) e gessit de Jacques? Helelei; bonjour, Jacques!

JACQUES : (vubaussen) Bonjour, Här Hyacinthe.

HYACINTHE : Da bass d'erem zu Land?

JACQUES : (kent eran) We' der gesidd.

HYACINTHE : Huel der e Moment Plätz

JACQUES : Den Här Direkter ward op mech. Ech kommen derno eran.

HYACINTHE : We's de well's.

JACQUES : Bleiwt der hei?

HYACINTHE : Jo, bis 5 Auer.

JACQUES : Virwat hut der di ârm Jongen eso' vernannt?

HYACINTHE : Sie werfe mir d'Bäll an d'Fensteren. Ech menge grad, ech setz an enger Scho'sbud.

JACQUES : Bis herno, Här Hyacinthe

HYACINTHE : Jo, bis herno (Jacques of) (D'Dir stét e we'neg op. Den H. Hyacinthe kuckt de Jongen no. Op émol sprengt en op a jeitzt dobaussen? Ah, des Ke'er hun ech doch gesin, Matagne. Du hues express op meng Fenster gebicht... Du schreiws mir eng Stöf vum 200 Zeilen. An énnerste: dech net mir ént âlt Diktat vunder leschter Woch ofzegin. Miserablen Neischnotz?

(E mecht d'Dir zo' a grommelt iwerdém en op sei Pult zreck gét; Miserabelen Neischnotz. E kratzt sech um Kapp mam Bleisteft. De Concierge Augustin könnt eran. All Ke'er wann e schwätzt; lét en de Kapp op d'Seite)

AUGUSTIN : (mat engem schlefregen, bauereschen Accent) Här Hyacinthe..

HYACINTHE: Wät get Neits? Augustin?

AUGUSTIN : (dreckt en A zo') Eng Joffer we' e sét, gef gären mat iech schwetzen. Ech hunse we' e sét an de Parloir gefo'ert.

HYACINTHE: Eng Joffer. Ech kenne keng Joffer. Dat muss en Irtum sin.

AUGUSTIN : Si huet awer ganz deitlech gesot: Den Här Hyacinthe, Professor vu 7e.

HYACINTHE: Dat kann kén anere sin we' ech. Wat kann de' dann vu mir wellen? Git sot zu der Joffer, ech hätt keng Zeit fir en de Parloir ze' Kommen.

AUGUSTIN : Et ass, we' e sét, ower och net weit.

HYACINTHE: Et muss dach engem Jöng seng Mamm oder seng Schwester sin.

AUGUSTIN : Dat ass , we' e sét, ower net secher.

HYACINTHE: Da soll se mir op en Ziedel schreiwen, wat sie gären hätt. Ech sin angäng meng Hefter ze' verbesseren.

AUGUSTIN : (ganz lússeg) Elo ass sie awer bestëmmt net zefridden

HYACINTHE: Dat ass mir ganz egal (D'Arlette streckt de' Kapp zur Dir eran)

2. Dprett Diselwecht, d'Arlette

=====  
ARLETTE : (schalekseg a gentille) Wat sot der Här Hyacinthe?

HYACINTHE: (paff, kuckt iwer sei Bröll) Sid dir dat? Sid Dir....de Joffer?

AUGUSTIN : Majo, sie ass et.

ARLETTE : (spöttesch zum Portier) Ech sin et, we' e sét.

HYACINTHE: (tuddelt) Ech...ech...sot...ech...wär ganz...ganz...

ARLETTE : beschäftigt..

HYACINTHE: Jo, eso' ass et.

ARLETTE : Dat hun ech mir geduecht. A we' dé gudde Mann elei, dén heiansdo den Torticolis kritt, net me' erem ko'm( weist op den Augustin) hun ech mir gesot: Allez hopp, losst mer op 7e lass goen.

HYACINTHE: ( stét hallef op) Wart, ech gin mat iech an de Parloir.

ARLETTE : Derange'ert iech net, Här Professor. Bleiwt dach hei. Do setzt der jo gudd (Arlette setzt sech an d'Bänk virun d'Pult. Augustin of, ganz platt)

HYACINTHE: Wé sid dir?

ARLETTE : Ech sin e gudde Géscht.

HYACINTHE: Ah!

- ARLETTE : Den Här Durant huet mech bei iech gescheckt
- HYACINTHE: (kratzt sech mam Bleistift um Kapp) Den Här Durant? Tiens, tiens..
- ARLETTE : Ech soll éch Billjéen verkafen
- HYACINTHE: (onhémlech) Eisebunnsbilljéen? Né merci. Ech résen net me<sup>4</sup> Echsin schon vill ze' vill gerést
- ARLETTE : (löschteg fir en opze'monteren) Ma nén, Här Hyacinthe, ma nén: Billjéen vun enger Tombola, den Erle's ass fir de' Arm.
- HYACINTHE: Ah so. ( en helt Geld aus engem gro'sse Portemonnaie)  
Da gid mer der elei derfir.
- ARLETTE : Dir sid we'negstens net kneckeg. Dat ass ower sche'n
- HYACINTHE: Ech ge'f iech gär me'. Mé ech sin net deck do
- ARLETTE : (zitt e Carnet aus senger Poche) Ech schreiwen iech op, Här Hyacinthe...We' ass de Virnimm wanneggeliff?
- HYACINTHE: (bustawe'ert)U we' Ursula, L we' Leo, Y we' Yvonne, S we' Suzanne, S we' Sophie, E we'....
- ARLETTE : E we' ...Schlofkrankhét. Also Ulysse. Elo sid der dann endlech eröm hei an der Stát. All Mönch ass fro' doriwer, Här Hyacinthe.
- HYACINTHE: Dir sid dach vill ze' jonk fir iech nach u mech ze' erönnere.
- ARLETTE : Dat ass wo'er. Mé ech hun eso' oft fun iech he'ere schwetzen, dass ech iech emol gär kenne gele'ert hätt.
- HYACINTHE: (stét op) Ah!
- ARLETTE : Ech sin ganz gudd iwer iech renseigne'ert.
- HYACINTHE: (klömmt vun Pult erof)Ah?
- ARLETTE : Ech könnt iech Sâche verzielen.
- HYACINTHE: (könnt op d'Bänk zo') Ah?
- ARLETTE : (könnt op hien zo')Wann der we'sst , we' er Frenn bedquert hun, dass dir vrun 12 Joer fort gângen sid.
- HYACINTHE: Meng Frönn?. Wién dann?..Ech hat dach nie Frenn.
- ARLETTE : (setzt sechop d'Pult) Mengt der?
- HYACINTHE: Ech liewen we' e Maulef.
- ARLETTE : An ech hun och he'eren, d'Madame Hyacinthe, èr Mamm wier eso' eng le'f Person gewiescht. A jidferén dén se' kannt huet ge'f se' verme'ssen.
- HYACINTHE: (gere'ert) O jo, meng Mamm. Et vermesst bestömmat kén se me' we' ech (wösch sei Bröll mat engem gro'sse Schnappech of, a wösch sech d'Aen)
- ARLETTE : Flecklecherweis könnt dir gudd eso' o'ni Frâ a Kanner liewen (stét op) D'Wissenschaft ass èr Frâ, èr Elève sin èr Kanner, an èr. Bicher sin èr Frenn...
- HYACINTHE: Jo, am Prinzip,...an der Théorie...
- ARLETTE : Dir hut dazh dé sche'nste Beruff, déa et get. Dir formt de' jong Géschter no èren Ideen. Dir mâcht d'Se'len èp fir d'Schenhéten vun der Welt



- HYACINTHE: Gewöss, wann all Jongen fleissig an opmierksam wieren, da wär et eng gro'ss Fréd, Professor ze'sin (plötzlech ganz opgerégt) Mé et sin Schlofkäpen, Neischnotzen, de' weider neischt an der Schierbel hun we' Schlechtegkéten. Se verstin neischt well se' neischt welle verstoen. Wann d'Paus eriwir ass an ech klappen an d'Hänn, da missten se dach vu Begéschterung: Allélija ruffen, mé si kno'teren: O freck..
- ARLETTE : Oh!
- HYACINTHE: Ir ech meng Stonn ufänken, muss ech 10 Minute lang mat enger Schell bimmelen a mam Lineal op d'Pult klappen.-
- ARLETTE : (gere'ert) Dann hut dir awer wierklech e Pëisongsgischtchen Liewen
- HYACINTHE: (paff) Ech...ech wéss et net.
- ARLETTE : ( riecht eraus) Bestued iech dach!
- HYACINTHE: (no enger Zeit) Et ass ze' épe't.
- ARLETTE : Aha, elo sid der gestrôft. D'Männer sin all de'selwecht. Eso' l'ang we' der jonk sid, wöllt der iech net ustrecke - l'assen. Der spillt den Dandy an de Salonen, der promene'ert durch d'Gro'ssgäss, der gid Rése mâchen...
- HYACINTHE: (setzt sech op d'Bänk) Ech hun over nie den Dandy gespilt, an ech sin och nie duerch d'Grossgäss promene'ert.
- ARLETTE : (setzt sech op d'Pult) An dann op émol ass et iech léd dass der iech net bestued hut, an dann héscht et: Et ass ze' spe't ( klappt mam Lineal op d'Pult) Mé sapristi, dir musst iech zesummen huelen, Här Hyacinthe, dir braucht eng Frâ.
- HYACINTHE: (könnt schei erbei) Jo, we'nst der Wäsch.
- ARLETTE : (paff) We'nst der Wäsch??
- HYACINTHE: Meng Wäsch fängt un ze' erriessen...Fre'er huet meng Mamm mir se ömmer gefleckt, an alles gezielt ir se d'Wäsch ewech gin huet.-Di lescht Woch krut ech vun engem Puer n'ommen më' eng Strömp erem.
- ARLETTE : (trumphe'ert) Do hu mir et jo. Bestued iech dach a wann et scho n'omme wenst de' Chaussette wär (Hyacinthe setzt an der Bänk an d'Arlette um Pult)
- HYACINTHE: Mech bestueden, a wann dat eso' einfach wär.
- ARLETTE : We'vill jong Médercher wäre glecklech eso' e Professor ze' kre'en. Iwerhâpt, eso' é' Mann ewe' dir war dach bestömmt émol a senger Jugend verle'ft. Denkt émol gudd no...Mé ech kämmere mech em Sachen de' mech neischt ugin. Excuse'ert, ech muss goen. Ech wunne bei menge Cousinen, de' warde bestömmt op mech.
- HYACINTHE: (gleichgültig) Ah!
- ARLETTE : (so' niewebei) Ech hu gesôt, "bei menge Cousinen!"..
- HYACINTHE: (guer net virwetzsch) Maja.
- ARLETTE : Kennt dir meng Cousinen net?
- HYACINTHE: (weicht aus) Nén, et interesse'ert mech och net.

ARLETTE : Et sin de' Jofferen Davernis.

HYACINTHE: Ah?...De Joffern...sin èr Cousinen?...

ARLETTE : Ech hu keng Eltere me'. Sie hu mech opgeholl..Sie sin eso' gudd...

HYACINTHE: (me' ro'eg) Oh, ..

ARLETTE : Meng Cousine Marie ass de' le'fst. Sie ass och villme' jonk we' hir Schwestern. Ech sin eso' fro' mat hir. Et ass wirklech traurig, dass hir Mamm hir de' sche'nst Joeren vun hirem Liewen verfuscht huet

HYACINTHE: (zimlech gleichgültig) Ah, hir Mamm?

ARLETTE : Jo, d'Madame Davernis huet nömnen sech kannt. Sie huet e strenge Kommando am Haus gefe'ert. Sie wôr amstand; engem Freier, dén sech mat engem vun hire Médercher bestuede wo wollt, einfach de' Kuerf ze' gin, o'ni d'Médchen ze' froen.

HYACINTHE: Ass et meglech ?

ARLETTE : Meng Cousine Marie huet vill dorennen gelidden, well we' et schengt, go'f sie oft em Mariage gefrot. Mé sie ass neischt derfun gewuer gin. Wat zielen ech iech elei Sâchen ech froe mech, fir wat ech iech dat alles soen

HYACINTHE: Mé ech och. Losst mer vun eppes ânescht schwetzen. We' ass et mat ère Lo'sen. Ech probe'eren fir der eng Partie bei menge Reiber lass ze' gin. Dat Geld ass gudd place'ert, amplâz dass sie Stenkbommen derfir kafen.

ARLETTE : A wuefir da Stenkbommen?

HYACINTHE: Mé fir mir se an d'Klass ze' werfen (et klappt un der Dir am Fong. Den Här Hyacinthe gét opmâchen, de' Jacques kennt eran)

3. Oprett: Hyacinthe, Arlette, Jacques  
=====

JACQUES : Oh, pardon, ech ste'eren.

HYACINTHE: Mé nén, guer net.

JACQUES : Hei... Arlette!

ARLETTE : (verwonnert) Jacques:

JACQUES : A wat mechs du hei?

ARLETTE : An du?

JACQUES ; Ech kommen mengem âle Professor Bonjour soen (sie babbelen an enger Fréd zesummen, o'ni sech om den Här Hyacinthe ze' kömmeren, dé guer net zu Wuert kennt)

ARLETTE : Ech hu gemengt du wiers zu Pareis?

JACQUES : Mei Papp wunnt do an ech sin och do gebueren. Ech gin vun Zeit zu Zeit puer Dég dohin.

HYACINTHE: Ech lôssen iech dann e puer Minutenpôteren. An dér Zeit sichen ech d'Losen bei menger Band... sin,

ARLETTE : (fro')Ma secher, Här Hyacinthe, ge'ne'ert iech net we'nst onser.(Hyacinthe of)

4. Oprett: Jacques, Arlette  
=====

ARLETTE : (ganz fro')Loss dech emol kucken.

JACQUES : Fu Face oder vu Profil?

ARLETTE : Du bass guer net change'ert.

JACQUES : Du och net. Ömmer flott.

ARLETTE : Ech fannen dat wonnerbar dat mir ons no 3 Joer hei eröm fannen.

JACQUES : Denks du naxh drun, we' mir zu Biarritz eso' flott Tennis gespillt hun?

ARLETTE : Frés de naxh? Dat wor de' sche'nsten Zeit vu mengem Liewen.

JACQUES : Wat hues du zenterhier gemach?

ARLETTE : Net vill Frédegés. Ech hu mei Papp verluer. E wôr ruine'ert.

JACQUES : Oh!

ARLETTE : Zu Biarritz wor ech reich, elo hun ech ké Sou me'. De' Familjerôt huët mech 2 Joer lâng an d'Pension gedun, duerno ko'm ech bei meng Cousinsen hier an d'Stât: et sin 4 âl Jofferen.

JACQUES : We' ass hiren Numm? Vleicht können ech se'.

ARLETTE : Zenter Joeren droen se' de' selwecht greng Hitt, aus blenkegem Satin mat grengen Gourmetten önnert dem Keïn, et sin d'Jofferen Davernis.

JACQUES : Ma secher, de' kennen ech gudd, et ain ons âl Loc....

ARLETTE : (vif) Oh, Jacques!

JACQUES : Ons âl Locatairen. Mei Papp ass hire Propriétaire.

ARLETTE : Den Här de la Fontaine? Di do ass gudd. Dat hätt ech nie geduecht.

JACQUES : Wât eng Chance. Op de' Mane'er kann ech dech vleicht hei ansdo erem gesin.

ARLETTE : Oho, du bass fir mech én Do'tfeinf.

JACQUES : Mir sin ons dach elo me' no komm.

ARLETTE : Jo, mé mir si getrennt durch e Kulang, dén ewell 8 Joer lâng rennt, a gro'ss schwarz Flecken op d'Mauer môlt.

JACQUES : Du hues recht. Nach haut donOwend scheckt mei Papp d'Arboenter fir en ze' flecken.

ARLETTE : E wârt dach net? Durch dé Kulang léft d'Gâl vu munge Cousinsen. Di al Joffere müssen ömmer eppes hun, wo'run sie hiren Eifer können eraus lôssen, wann se schlecht opgeluecht sin. A wann dir hinnen de' Ursach dio ewech huelte, da müssen sie sech d'Käpp zerbriecheh fir eng âner ze' fannen. Lôss hinnen dach hir Fréd.

- JACQUES** : Sin se' da we'negstens gudd ge'nt dech? Dat muss dach ént onhémlecht Haus sin.
- ARLETTE** : Ça, nén; alles ass propper, alles op senger Plätz, mé alles stecht enner Houssen. D'Foteile sin zo'gestoppt, de Lüster vum Salon stecht an engem Säck, et mengt én, 't wär en Zeppe-lin. All Aueren stin bauer eger Klack. Ech mengen meng Cousinen hun och Houssen iwer hir Härzer gezun....
- JACQUES** : We' könnst du iwendrépt hier an de' Kollesch? Kriss de fran-sesch Stonnen beim Här Hyacinthe?
- ARLETTE** : (seckt en) Hei we' wirwetzeg.
- JACQUES** : Mais é jonkt Médchen an enger Klass vum Kollesch, dat ass dach net normal.
- ARLETTE** : Stell der wir, den Här Hyacinthe wor emol an derZeit fro' mat der jengster vu menge Cousinen. An sie hätten sech och bestued, wann d'Mann, d'Madame Davernis, hinne ké Strech duerch d'Rechnung gemäch hätt. Elo probe'eren ech fir d'Sach eröm ze flecten.
- JACQUES** : Soll et dann elo eppes gin?
- ARLETTE** : Ma nén, Meng 2 Durteldawen sin eng eso' ze'h we' de âner. Vu manger Cousine Marie wonnert et mech net, mé eso é Mann we' den Här Hyacinthe, e Professor, dé misst dach me' Ini-tiative hun.
- JACQUES** : Ech wetten du wéss et net unze'pâken. Et ass é gudde Mensch mé en Original. En ass ganz schei an onbeholfef. E fährt fir eppes ze' önnnerhuelen. Bei him därfs de net em de Brei fuer-ren, soss verstét e net wats du gären häss. Du muss mat der Dir an d'Haus fâlen.
- ARLETTE** : Bong! Wann en elo erömkennt, da lesst de mech mat him eleng
- JACQUES** : ( besruecht d'Arlette) Da léfst du eso' doremmer an de Kol-lescher Tombolaslo'ser verkâfen
- ARLETTE** : Majo, fir 2 äl Durteldawen bestued ze' kre'en.
- JACQUES** : Ech muss der awer soen, du bass eng schlecht Geschäftsfrâ. Elo si mer schon eng Ve'erelestonn hei zesummen, an du hues mech nach net am Säck.
- ARLETTE** : Wails du och Lo'sen? Nén, o'ni G'leck. Dat ass dach neischt fir dech.
- JACQUES** : Ma secher!
- ARLETTE** : D'Lose kaschten 1 Frang Steck. Et sin der 50 an engem Carnet.
- JACQUES** : Ge'f mer der 10.
- ARLETTE** : 10 Lo'sen, hei.
- JACQUES** : Nén, 10 Carnets. Hei hues de' 500 fr.
- ARLETTE** : Dat dengt. Elo können meng Arem sech geschwönn all en Auto kâfen. An 3 Wochen get Tombola gezun. Du muss over net ant d'Matanée kommen.
- JACQUES** : Et dést mer léd dat ech net kann derbei sin. Ech sin eso' beschäftigt zu Pareis. Ech kommen net oft heihin, eso' rar we' meglech.
- ARLETTE** : Ech kann dat verstoen. We' ech owens hei an dér schwarzer, stankecher Gar ukomm sin, du hat ech schon d'Flehm.

- JACQUES : Mach nemmen d'Gare net erôf. Stell der de' selwecht Gare emol fir, op d'én Dâg, wo's du muerges an d'Mârei an ant Kirch gange bass. Owens kenns de op d'Gare fir den Zuch ze' huelen. Du hues d'én am Arem d'éns de der eraus gesicht hues, fir op d'Rés ze goen. D'ganz Familien huet gesôt; Vergiësst net ze' schreiwen. Du pespers nach, hoffentlech hu mer neischt vergiëss. De Schaffner riff: en voiture. Du wenks mamm Nueschnappech, da gét d'Rés un, de' é ganzt Liéwen dauert.- Welle mer wetten, dass de dann de' elle Gare sche' fönns?
- ARLETTE : Oh jo. Wann dat émol ge'schech. Mé ech gléwen net drun. Wann én an eso' enger Loft liéwt ewe' ech, da muss én eng âl Joffer gin.
- JACQUES : Dat sin jo Dommhéten. Achtung, hei kennt den Don Juan aus der Septième. (den Här Hyacinthe kennt eran)

5. Oprett: Arlette, Hyacinthe, Jacques  
=====

HYACINTHE: Ech sin der fir 20 fr lass gin, dat ass net vill.

ARLETTE : Mais dach, dat ass wonnerbar.

HYACINTHE: An dat sche'nst ass, ech brengen iech é Schwein mat.

ARLETTE : Wat fir é Schwein? E fun ère Kadetten dobaussen?

HYACINTHE: Stellt iech fir, de Victor, dé neischnotzigste vun der ganzer Band, d'én huet mer versprach, iech e schent Fierkel als Hâptgewonn fir èr Tombola ze liweren, sei Papp ass Metzeler an der Enneschtgâss.

ARLETTE : Do wârd den Här Durant enchante'ert ein. D'Firkelen hun emmer vill Succès an den Tombolaen.

JACQUES : Här Hyacinthe, ech muss goen, ech kommen eng âner Ke'eren.

HYACINTHE: Ech gi mat der bis op d'Dir.

JACQUES : Nén, nén, bleiwt bei der Joffer.

ARLETTE : Ech muss och goen. Ech well iech net me' lang derange'eren. Ge'wf der mer nach d'Nimm vun dénen Häre nennen, de' Lo'se geholl hun. Ech schreiwe mer se op.

HYACINTHE: Dajé, au revoir, Jacques

JACQUES : Au revoir, Här Hyacinthe, -bis geschwönn, Arlette.  
(Jacques ôf)

6. Oprett: Arlette, Hyacinthe  
=====

ARLETTE : Da lôsst mer ufänken

HYACINTHE: Etienne mat 2 n: ént; Colling mat 2 l: zwé; Kuhn mat 1 h: ént; Stammet mat engem t: fönnef;

ARLETTE : (energisch) Wâ Hyacinthe.

HYACINTHE: Wât gelifft?

- ARLETTE : (fixe'ert e ganz schârf) Wesst der nach wât ech iech e'-nescht gesot hât?
- HYACINTHE: (ängschterlech) Wât hat der da gesôt?
- ARLETTE : Dir sollt iech bestueden.
- HYACINTHE: (ziddert) Nén, nén, ech biéden iech, erbâmt iech menger. Fängt dach net erôm domat un.-Nu schreiw virun: Spartz mat tz: fennef;
- ARLETTE : Wat leit mir un èrem Spartz, Här Hyacinthe, et handelt sech elo em iech....
- HYACINTHE: (get dech net): Serres: zwe'n; Valentin: ent...
- ARLETTE : (ganz scharf) Et ass déss elo genug, Här Hyacinthe. Mâcht iech fêrdeg, fir iech ze' bestueden.
- HYACINTHE: (ausser sech) Nén, nén, ech sin jo lo e'nescht scho fortgelâf lo'se verkâfen, fir meng Oprégung net bei iech ze weisen. Ech hätt jo eigentlech net sollen e Médchen an e Jong eleng a menger Klass lossen...Ower ech konnt net me'. Nu fânt net erôm un. Ech hu schon d'Hänn ganz schwésseg a mei Flanellegilet ass plätschnass vun Oprégung.
- ARLETTE : Allez, allez, losst mer dach ént éscht Wuert schwetzen. Dir sidd dach wahrhaftig ké Kand me'.
- HYACINTHE: Mâcht och nach de Spunnes mat mir. Et wâlt mir schon uewen an der Schirbel.
- ARLETTE : Et ass mir decken escht. Ech brengen iech d'Left vu menger Cousine Marie Davernis...
- HYACINTHE: Dem Marie seng Le'ft?? Meng énzeg Le'ft. Ech gin nach verreckt, ech gin nach verreckt...D'Marie, de' le'f Joffer . Marie. Huet die iech alles verziélt?
- ARLETTE : Sie selwer. Wann ech drundenken, dass dir scho könnt 12 Joer bestued sin. Dir hätt vleicht 11 Kanner oder, wé wéss, vleicht 22. An èrem Alter kritt én oft Zwillingen. Wât vill Zeit ass do verluer.
- HYACINTHE: Schwetzt net dervun
- ARLETTE : Glecklecherweis huet dir dat elo alles no. - Wann dir we'sst wât meng le'w Cousine Marie geliddenhuet, we' dir fortgânge sidd. Sie huet gemengt dir wârt net me' Fro'h mat hir.
- HYACINTHE: Oh!
- ARLETTE : Sie huet sech d'Aen blann gekrasch. Sie huet gesôt dir wârt é Neischnotz.
- HYACINTHE: Oh! Oh!
- ARLETTE : E Schuft!
- HYACINTHE: Oh! Oh! Oh!
- ARLETTE : Mais dir mâcht elo alles rem gudd, net wo'er?
- HYACINTHE: (we' é Kand dat eng gesticht huet) Secher, secher, dir sôt mer wât ech muss mâchen. Ech sin dach nach ömmer fro'h mat hir...
- ARLETTE : Elo richt der et dann moi fir d'e'scht an, fir sie erôm ze gesin. Dat ass net schwe'er. Sie gét ömmer lânscht ärt Haus wann sie hir gesteifte Köllercher bei Streckesch dre't.

- HYACINTHE: (verzeckt) Hir gestEIFte Köllercher?
- ARLETTE : Ech soen iech we'ni dass sie lânscht kent.
- HYACINTHE: An dann?;;
- ARLETTE : Da mâcht dir èr demande en mariage
- HYACINTHE: Dât ass jo schrecklech. Dât ass jo firchterlech. Eso' eppes kann ower och nômmenmir passe'eren.
- ARLETTE : Also, én dér nächster Sonndeger dot dir ère sche'nste Schnepfel un
- HYACINTHE; Ech hun nômmen én me'. D'Matten hun dén âneren gefriess;
- ARLETTE : Dir huet ère sche'nsten Zylinder erbei
- HYACINTHE: Ech hun nômmen én me', dén ech fir d'Begriewnesser opdon.
- ARLETTE : Da schellt dir un der Dir bei de Jofferen Davernis. D'Ernestine mecht iech op.
- HYACINTHE: D'Ernestine?..
- ARLETTE : Jo, dat ass Dengschtmédchen. Dir sôt zu him: "Wellt dir d'Joffer Hortense Davernis froen, op sie mir wöllt d'E'er mâchen, mech ze empfancken?"
- HYACINTHE: Op sie mir wöllt d'E'er mâchen....gudd...An dann?;..
- ARLETTE : Da gidd der eran an de Salon. Meng Cousine Hortense sét ganz majestâtesch zu iech: " Wellt dir Plâtz huelen." Dir kennt da follegen oder net; t'ass we' dir wellt
- HYACINTHE: Ech follegen, ech follegen ômmen.
- ARLETTE : An dann fängt der un: "Joffer Hortense, ech wende mech un iech, un de Chef vun der Famill Davernis, de' ech estime'eren a respecte'eren.
- HYACINTHE: (widerhuet) De' ech estime'eren a respecte'eren.
- ARLETTE : Ech hun d'E'er èr charmant Schwester Marie en mariage ze froen.
- HYACINTHE: Oh mamm, wât wârd ech operégt sin..
- ARLETTE : Wa meng Cousine de' Wieder he'ert, gét et hir we' dem Kueb an der Fabel: Sie kann sech vu Fréd net me' hâlen, sie reisst de Schniewel gro'ss op....a fällt schwâch. Dië musst derfir suergen dass sie erôm zo'sech könnt; an dann erwecht die a sét mat hirem frendle'chste Lâcheln: "Ech hun neischt derge'nt".
- HYACINTHE: (kôsst dem Arlette d'Hand) Oh, merci, merci...
- ARLETTE : Gedold, dir sidd noch net eso' weit. Mais dât kent. Râft iech zesummen, Hâr Professor.
- HYACINTHE: (richt sech op an zitt u senge Manchetten) Dir kent op mech zielen. Ech huelen mei Courage zesummen;-no der Vespermei Schnepfel- mein Zylinder fir mat begruewen ze gön--ech schellen- d'Joffer Hortense mecht op- d'Joffer Ernestine ass am Salon....
- ARLETTE : Mé t'ass dach de contraire!

HYACINTHE: Wât get dât eng Fréd wann d'Joffer Marie emol meng Frâ ass?

ARLETTE: Da gidd der sche'n zesummen spaze'eren, an dir schnetzt mat engem Täschmesser är Nimm an d'Schuel vun de Bém... Eso', 'kuckt emol! ( hat schreiw mat Kreid und'Tafel: U an M an zéchend en Härz mat engem Pfeil derduerch)

HYACINTHE: (ganz begéschtert) Oh, jo, da gi mer erôm we' Kanner. (d'Schell bimmelt, d'Arlette wöllt goen)  
: Wellt der schon goen?

ARLETTE: Majo, d'Paus ass eriwer. Ech mâche mech hém.

HYACINTHE: (ganz an der Lûucht) Bis geschwenn. Ech sin eso fro'h. Iech verdanken ech mei Gleck; Jöfferchen. Ech wârd mech ower och erkenntlech weisen. Zielt drop.

ARLETTE: Au revoir, Här Hyacinthe! (ôf)

HYACINTHE: (ausser sechvu Fréd) Et gét mer alles t'enescht an d'ié-weschtwé' an engem Trëndel, mei Schnepfel, mein Zylinder, dem Arlette seng Tombola, dem Victor sei Schwengchen, dem Här Durant seng gesteihte Kôllercher... Mei le'ft Marie, ech hun dech gier... ( e gét duerch d'Bänke vun der Klass a schwetzt fir sech. E geseit den Augustin net era kommen, dé gét him no an der Reih derniéwend. Wann den Hyacinthe sét: "Ech hun dech gier", sto'ssen se juât openén)

AUGUSTIN: Oh, Här Hyacinthe, Wât dir mir do sôt, ass ower gelungen, we' é sét.

HYACINTHE: Gott, Augustin, gitt huerteg!

Rideau

#### 4. A K T

De Salon vun de Jofferen Davernis. Style Louis-Philippe. Sie setzen a all do, den Här Durant schwetzt. D'Ernestine höllt d'Houssen erôf

1. Oprett: Arlette, Hortense, Rosalie, Jeanne; Marie, Durant  
=====

DURANT: Elo hun ech der Joffer Arlette jo merci gesôt fir dé gro'sse Succès vun der Tombola, mir hun é gro'sstartegt Resultat; Mir kennen onsen Armen 3.500 fr ausdêlen.

HORTENSE: Ma jo, dat ass sche'n.

ARLETTE: (verneipt sech) Ech si wirklech fro'h, Här Durant.

DURANT: (zum Hortense) Ech fannen dat jongt Kand elei bessche b bléch.

JEANNE: Mir hun elo grad d'gro'ss Botz fêrdeg.

MARIE: D'Arlette huet ons gehollef.



- ARLETTE: Oh jo, de gro'ss Fre'johrbotz. Här Durant, dovun hun d'Leit zu Pareis keng Ahnung. All Dâg huet sei feste Programm: én Dâg get de Koffer geschauert, dén âneren Dâg d'Argenterie, duerno hante'ere mir mat Kampher a Peffer ge'nt d'Matten. Dât ass besonnesch interessant. Et ne'tzt én vu muerges bis owes. Dé ganzen Trousseau muss agewe'ckelt gin: d'Kartoubelen an d'Pelerinen, d'Nuetsäck an d'Schlappen, d'Mitainen an d'Hauwe'
- HORTENSE: Arlette, ech verbidde dir de Geck mat onsen Toiletten ze mân. Dât ass net comme il faut, geldirt, Här Durant
- DURANT : Lösst et dach nôme schwetzen, hat brengt Liewen an d'Haus.
- ARLETTE : De gro'ss Botz huet nômmen é Fehler. Wann é fêrdeg ass fônd é neischt me' erôm; dé ganze Muergen huet d'Cousine Jeanne de Leukoplast gesicht, dén ômmer am Tiroir lug. D'Cousine Rosalie huet hir rosa Wattstôppercher net fond, de' se an d'O'ere stecht wann se erausgét, an de' se an d'Zockerdôpchen an de Buffet lét, wann sie hém kent. Natirlech én Zockerdepchen, wât net gebraucht get.
- DURANT : (hiéwt sech) Nach eng Ke'er villmôls merci, Joffer Arlette, et get Zeit fir mech.
- ARLETTE : Ech gi mam Här Durant bis op d'Dir (allen zwé ôf)
- HORTENSE: (zum Rosalie) Ge'h an d'Kummer, da kriss de d'Broscht mat Teintur d'iode ageriwen.
- MARIE : An eng gudd wârm Bull ennert d'Fess. Da wârd et scho besser goen.
- ROSALIE : (ganz schuddereg) Wann et âlt ass?
- HORTENSE: (zum Rosalie a Jeanne) Gidd op! Ech kommen no. (Rosalie a Jeanne op)
2. Oprett: Arlette, Hortense, Marie  
=====
- HORTENSE: (riffte an d'Kichen) Ernestine, wann d'Ne'esch mei Kléd bringt, dann huet der de Pâk of (Arlette erôm, discute'ert lues mam Marie)
- ERNESTINE Jo, Joffer
- ARLETTE : Courage, Cousine, elo ass et wo' et ge'lt
- MARIE : Ech sin net eso' keng.
- HORTENSE: Wât hues de da, Marie. Zenter e puer Dég bass de ganz verschôttert.
- MARIE : (dreckt sech widdert d'Arlette) Nén, nén, ech kann et net sôen.
- HORTENSE: (streng) Et wârd dach neischt éschtes sin?
- ARLETTE : (ganz fast) Dach, Cousine Hortense, et ass eppes ganz Eschtes.
- HORTENSE: Ah! do sin ech gespânt.
- MARIE : (schle't d'Äen nidder) Ech mengen, ech ge'f mech bestueden.
- HORTENSE: (schle't d'Hänn zesammen) Wién, du??

- MARIE : Jo, ech.
- HORTENSE: (vun uewen erôf) A mat wiém mengs de dann dech ze bestueden?
- MARIE : Mëm Här Ulysse Hyacinthe.
- HORTENSE: (ganz verwonnert) De Professor aus dem Kollesch?
- MARIE : (schi) Déselwechten. En intelligenten an dobei é sche'ne Mann, dat ass jo och ké Fehler. En huet versprach seng Demande en mariage nach virum Donneschteg ze mâchen. Haut ass dé leschten Dâg...
- HORTENSE: (ironesch) Wiém huet en dat versprach wann ech frôen därf?
- MARIE : Dem Arlette.
- HORTENSE: Tiens, tiens. (zum Arlette) Dann hues du dech em de' Sâch be-  
kemmert?
- ARLETTE : Majo, we' ech bei den Här Hyacinthe gânge sin, fir him Lo'-  
sen ze verkâfen hun ech dén Handel an engems gemâch.
- HORTENSE: An dat alles hannert mengem Reck?
- ARLETTE : (kâl) Dir wârd nach emstand gewiéscht ons Plangen ze duerch-  
kreizen...
- HORTENSE: (streng) An du?
- ARLETTE : An du hun ech den Här Ulysse op d'Matinée invite'ert; am  
leschte Moment ass de Courage em an d'Schong gefall. E wollt  
absolut hannen em Sall op engem Pliant setzen bleiwen. En  
hât extra fir de' Geléhenhét sei Frack ugedoen. We' ech ge-  
sin hun; dass e fir ké Preis wollt no fir bei Cousine Marie  
setze kommen, hun ech e mat engem Knapp vu sengem Frack viru  
gezun.
- MARIE : (strahlt) An du ass e Komm.
- ARLETTE : Ma nén, de Knapp ko'm ganz eleng (zum Marie) Hei ass en.  
Hâlt en fir Souvenir.
- MARIE : (ganz gere'ert) Du le'we Knapp vu sengem le'we Frack!
- ARLETTE : Ech wo'sst ké Rôt me'. Ech hun sein Zylinder geholl a geruff  
"Elo get dén an der Tombola ausgespillt"; du huet en sech ge-  
hewen. De Passage zweschen de Still wôr zimlech besât. Am  
Troublement huet en sech um Här Dechen sei Scho'ss gesât a  
voll Schreck gesôt: "Oh, pardon, Madame!" (zum Marie) End-  
lech ko'm en op de' Plâtz de' ech hannen un iech reserve'ert  
hât, an en huet gereport: "Hei sin ech, merci".
- MARIE : (ausser sech vu Frédéric) Nie vergiessen ech de' Wieder.
- JEANNE : (mecht d'Dir vu rechts op) Hortense, wéss de net wo' d'Tein-  
ture d'iode ass? Mir fannen se net.
- HORTENSE: Sie ass am Frienzemmer am Schâf bei de Likören?
- JEANNE : Gudd, merci.
- MARIE : (ganz schinneg) Stell der vir, Hortense, op émol huet den  
H. Hyacinthe sei Bröll fâle gelôss. Mir hun ens zesumme ge-  
beckt fir en opzerâfen. An der Deischtert önnert de Still

- MARIE : hun ons Hänn sech bege'nt op engem Rëndel Gummi, dé vun engem Talon erôf gefall wôr, a mir hu geziddert. Dât ass dach Le'ft, gelt Hortense.
- HORTENSE: Ech kennen neischt vun déne Sâchen, fir dat können ze jûge'eren.
- MARIE : Den Här Hyacinthe wor secher gene'ert, well en huet eng hallef Stonn lîng ké Wuert me' geschwât. Mais ech hun sein Wârmen Otem ömmer an der Nuque gespirt!
- JEANNE : (mecht erôm d'Dir rechts op) Hortense, wéss de net wo' d'Watt ass, mir fannen de' och net?
- HORTENSE: D'Watt? De' ass.....Wo' ass se scho me'? De' Geschichten vum wârmen Otem an der Nuque bringe mech nach ganz doruechter...Wârt emol.....an der Chinesischer Vase..
- MARIE : Wât hun ech gelâcht, we' den Här Hyacinthe é Kachdöppen an der Tombola gewonnen huet. Mat sengem Zylinder hât en dun de' zwe'n Arm voll. En huet net gezedkt, en huet den Zylinder an d'Döppe geluecht, an et an den Arm geholl, we' é klengt Kand.
- HORTENSE: Ech hun dat alles net gesin, well niewend dir, Arlette, ass mir é jonge Mönch opgefall, dé mech famous interesse'ert huet.
- ARLETTE : De Jacques de la Fontaine? Ech hun iech dach erzielt, dass ech en zu Biarritz kenne gele'ert hun. Hien wôr extra vu Pareis komm we'nt der Tombola. Dat wor dach gentil, fand der net?
- HORTENSE: (zitt d'Schölleren) E Poseur!
- MARIE : Duerno hun ech den Här Ulysse zwémol erem gesin. De' e'schte Ke'er we' ech ons gesteiht e Köllercher bei Streckesch gedroen hun, a fir zwét, we' ech aus der Andacht ko'm. En huet mer erzielt, we' seng Mamm gestuerwen ass, a we' en de' 10 Joer doremmer geplönnert ass. Ech wéss net, Hortense, ops du mat mir zefridde bass, verzeih mer, mé ech sin so' richtig am Härz fro'h.
- HORTENSE: Ech hât mir wuel erwârd dass geschwönn eng Hochzeit hei am Haus gefeiert ge'w, mé ech hât mir net eduecht, dass et deng wâr!
- ARLETTE : A wîem seng dann, Cousine?
- HORTENSE: Mais deng, mei Kand.
- ARLETTE : (weicht aus) Oh, meng?
- HORTENSE: Ech wollt nach haut den Owen mat dir driwer schwetzen. Eng wonnerbar Partie.
- ARLETTE : (lâcht) Net me'glech?
- HORTENSE: De Neveu vunde Jofferen Bevaale, déns de' des leschter gesin hues.
- ARLETTE : We'? Dén âffegen Schreiwerchen?
- HORTENSE: (wichtig) Hién ass Beamten an der Steierverwaltung. Vergiess net, mei Kand, dass du an denger Situation net dârf's difficile sîn.
- ARLETTE : Ech soen iech awer merci, Cousine Hortense, dass der u mech geduecht hût. Mais ech bestueden mech net. Ech gin eng âl Joffer we' dir. Huet dir da ké sche'nt, ro'egt, glectlecht Liéwen?

HORTENSE: D'Lieue vun enger âler Joffer ass vleicht ro' eg, mé  
glecklech ass et net.

ARLETTE : (verwonnert) Oh :

HORTENSE: Oh, mei le'ft Känd. Haut wär ech glecklech, wa meng Mamm  
moch an der Zeit force'ert hätt, mech mat engem Jong ze  
bestueden, den ech refuse'ert hun, well e schlecht gekléd  
wör.

ARLETTE : Ech bestuede mech ower och nie mat engem lächerleche Jong.

HORTENSE: Dât hun ech menger Mamm och gesôt. An et ass kén ânere  
komm. Haut mengen ech é schlechte Mariage wär nach besser,  
we' eng âl Joffer ze sin. Wann de Mann och net gentil ass,  
da kann én sech alt un de Männer treschten. Da wess é we'-  
negstens fir wén é schafft.  
(et schellt un der Hausdir) Entschellegt, ech gi kucken,  
et wärden d'Blumme sin fir den Altar. (ôf)

3. Oprett: Arlette, Marie

=====

MARIE : Wo'run denks du, Arlette?

ARLETTE : Ech iwerlée mir, wât d'Cousine Hortense elo grad gesôt huet.

MARIE : Arlette, du muss der Joffer Devaale hiren Neveu huelen. Du  
wéss jo, et ass é ganz feine Jong.

ARLETTE : Nén, a 15 Joer sin ech e'we' dir, Cousine Marie, an 20 Joer  
sin ech ewe' d'Cousine Jeanne, a 25 gleichen ech der Cou-  
sine Rosalie, an an 30 Joer sin ech eng zwët Joffer Hortense.  
Et ass vleicht keng ganz sche'n Aussicht, de' ech do varu  
mir hun. Mais jidern bezuelt op seng Mane'er dénen âneren  
hir Fehler. Ech besseu de' vu mengem Papp.

MARIE : Stell, Arlette, eso' dârf's de net ze Schmetzen. Du wéss  
dach gudd dass mir dech net am Stech lëssen. Wann der Joffer  
Devaale hiren Neveu dir net gefällt, da siche mir dir én  
âneren.

ARLETTE : (lids) Jo, ech wéss dass dir et gudd mat mir mengt. Be-  
stëmmt könnt och nach d'Joffer Birestill mir hire Cousin  
virstellen, de Postbeamen ass é graisslechen we' d'Wuecht.  
A wann den Här Hyacinthe denno könnt, dann huet den garan-  
te'ert och nach é Kandidat, é jonge Kolleg mat engem ro'de  
Bartchen!

MARIE : E Professor, dat wär dach sche'n.

ARLETTE : Excuse'ert, Cousine Marie, mais ech hu mir eppes ganz  
âneschteres geirent.

MARIE : A we' gesait den Dâm dann aus?

ARLETTE : Denkt der dann net me' drun, den Owend vun der Tombola,  
we' ech iech vun Jacques verzieht hun.

MARIE : Ah so', du bass frau'n mam Jacques?

ARLETTE : Oh jo, a we'.

MARIE : Eso we' ech mam Här Hyacinthe?

ARLETTE : Just t'selvecht.

MARIE : Wanns de Wells, léen ech e Wuert beim Jacques fir dech an.

ARLETTE : A wuefir, de Jacques huet mech gier, dat ass klôr. Mais en huet sech d'Sâch iwerluegt. Oder villme' en ass derzo' force'ert gin. An eso' reiche Familjen sin de' jong Médercher net gäre gesin, de' ké Verme'gen hun. We' konnt ech eso' domm sin, un dén sche'nen Dram zegléwen.

MARIE : Wann ech émol bestued sin könnst du ons ôft besichen gelt Arlette?  
(Hortense könnst eran, Jeanne a Rosalie kommen d'Trâp erôf)

4. Oprett: Arlette, Marie, Hortense, Jeanne, Rosalie, dann Hyacinthe  
=====

HORTENSE : Ech hun d'Blummen an d'Wasser gesât, dass se fresch bliewen bis mur.  
(Hyacinthe könnst rechts eran am Frack, den Zylinder an der Hand)

HYACINTHE : D'Dir wâr op, d'Ernestine schauert de Koffer. Joffer Hortense Davernis, ech ge'f gären gleich mat iech schwätzen.

HORTENSE : (paff) Här Hyacinthe?

HYACINTHE : Fir Iech opzewarden, entschöllegt wann echste'eren. Mais ech muss viru 5 Auer fort, an et ass gleich halwer 5. - Ech wende mech un iech, Joffer Hortense, als Chef vun enger Famill, de' ech e'eren a respecte'eren, an ech biéden em 2 Privataudienzen.

HORTENSE : Mat Plaise'er, Här Hyacinthe, wöllt der iech Plätz huelen?

ARLETTE : (zu dénen âneren) Ech mengen mir ze'en ons ganz diskret zreck. (all d'Trâp erop)

5. Oprett: Hyacinthe, Hortense, da Marie  
=====

HYACINTHE : (ganz feierlech) Joffer Davernis, erlâbt mer, dass ech iech den Zweck vu menger eschter Audienz erklären. Dir wösst d'mönschlecht Härz ass schwâch, a wât ânere Männer passe'ert, ass mir elo och virkoma: ech si verle'ft, meng Gefillier sin oprichtig. Joffer Hortense, ech lée mei Schicksal an èr Hänn. Ech kennen èr Guddhét an èrt Verständnis.  
(Hortense flatte'ert, verneipt sech. Hyacinthe dre't sein Hut ronderôm. En huet e gro'sst Lach a senger Hânsch, an ass ganz gene'ert) Ech hoffen, dass der meng Demande net ôfschlot. Ech hun d'E'er èr jengst Schwester Marie en mariage ze froen. (En zit eng Fläsch Eau de Cologne aus der Tâsch, mais d'Hortense fällt net schwâch. Sie stét op, Hyacinthe och)

HORTENSE : (stellt sech verwonnert) Här Hyacinthe, dir ge'ft iech also gär mat menger jengster Schwester Marie bestueden?

HYACINTHE : (ganz opgerégt) Dir refuse'ert, ech wo'sst et jo, t'ass schrecklech.

HORTENSE : (bero'egt en) Ma nén, Här Hyacinthe, ech hun dat nach net gesôt (setzt éech erôm, Hyac. och) Ech kennen èr Qualite'ten. Dir gehe'ert zu der Elite hei aus der Stâdt. Ech gin iech meng Awöllegung.

- HYACINTHE: Oh merci, merci.
- HORTENSE: Mé l'ôsst mer net virun de Wâni. lâfen. Meng Schwester huet dât lescht Wuert an d'ér Sâch ze schwetzen. Ech gin se raffen (Hortense rifft ennan an der Trâp) Marie, Marie!  
(Ulysse stët op, setzt sech a Positur, knäppt sei Frack zo zo', Et félt é Knapp drun. -Marie kennt d'Trâp erof)
- MARIE: Hu der mech geruff?
- HORTENSE: Komm erôf, Marie!
- HYACINTHE: (höllet hir d'Hand) Meng le'f Joffer Marie!
- MARIE: (schle't d'Aen nidder) Le'wen Här Ulysse!
- HYACINTHE: Ech si komm fir iech en mariage ze frôen.
- MARIE: (fällt schwach an eng Fotell) Ah!
- HORTENSE: (zum Ulysse) Dir zidderst? Ass dat well et hir schlecht ass?
- HYACINTHE: (verdrösserlech) Mais sie setzt op mengem Hutt.
- HORTENSE: Helleft mer!
- HYACINTHE: Jo, jo, hei huet meng Fläsch!
- HORTENSE: Dir sid é virsichtige Mann, dir hât Eau de Cologne matbraecht?
- HYACINTHE: Jo, fir iech, - sie wârd dach hoffentlech net stierwen, ech hun ower och guer keng Chance.
- MARIE: (kônnert erôm zo' sech) Blidd der do, Här Ulysse?
- HYACINTHE: Jo, ech stin hei ze zidderen an op èr Aentwert ze wârden
- MARIE: Wôr dat do da keng?
- HORTENSE: (zum Marie) Mei gudd Kand, ech felicite'eren. Ech gin onde Schwesternen an och dem Arlette de gro'ss Nouvelle sôen.
- HYACINTHE: Jo, vergiesst d'Arlette nomme net, dé Rp'seknappchen, dé mat déne 4 opgeblâete Ro'sen dest Haus parfume'ert.
- HORTENSE: Oh, Här Hyacinthe, wat é sche'ne Vergleich (gét lues d'Trâp erop)
6. Oprett: Hyacinthe, Marie  
=====
- HYACINTHE: (o'ni d'Joffer Marie ze bekucken) Hoffentlech huet mei Besuch iech net zevill derange'ert, Joffer Marie?
- MARIE: (kuckt vun Zeit zu Zeit op) I'kann én denken, H; Hyacinthe.
- HYACINTHE: (setzt weit vun Marie ewech) Meng le'f Joffer Marie, hut der op mech gewânt?
- MARIE: (ganz feierlech) 10 Hoer lêng, Här Hyacinthe.
- HYACINTHE: Elo muss ech iech ower och alles soen, so'lâng we' et nach Zeit ass

- MARIE : (onro'heg) Alles? - A wât dann?
- HYACINTHE: Ech muss offe mat iech schwetzen, da kennt der mir de Kuerw gin ,wann der wellt.
- MARIE : Ech iech de Kuerv gin? Dofu gét dach keng riéds; zenter dass der mech en Mariage gefrôt hut, sin ech eso' glectlech ech menge grad en Engel hätt mech mat der Hand geholl.
- HYACINTHE: (schle't d'Aen nidder)Dat ass et jo grad. Ech sin ower guer kén Engel. An ech hätt net gär wann der speder misst soen; Dén Neischnotz, en huet mech bedrun!
- MARIE : (verwonnert) Dir, Här Hyacinthe, sollt mech bedre'en?
- HYACINTHE: Mat mengem Charakter?
- MARIE : Mais ech hun iech dach gär.
- HYACINTHE: Dir hut mech nach an der Erönnung, we' ech virun 10 Joer wôr. Mais zenterhier ass munches passe'ert.
- MARIE : (gét é Schrack zreck) Ah!
- HYACINTHE: (beicht ganz demiddeg) Elo hun ech bâl ént halleft Johrhonnert hannen u mir, Joffer Marie, an als âle Jonggesell hun ech allerhand schlecht Gewunnegten ugeholl. Ech drenken all Dâg eng Dröpp nôm Iessen, é klengt Gliéschen, an ech fômmen d'Peiff.
- MARIE : (lâcht) Wann et weider net ass?...
- HYACINTHE: T'ass nach net alles....Losst mech ausschwetzen...Dât hei wéss ech fu menger Mamm, de' mech nuets he'eren huet...
- MARIE : Nuets?.....
- HYACINTHE: Ech schnârchen we' é Blosballeg....
- MARIE : (lâcht) Ech he'eren iech net, Här Ulysse. Nuets schlôfen ech an ech hun é gesunde Schlôf.
- HYACINTHE: (gere'ert) De Schlôf vun der Onschold.
- MARIE : Ass dat alles?
- HYACINTHE: Nén.
- MARIE ; Wât dann nach?
- HYACINTHE: (e bösschen ängschterlech)Le'f Joffer Marie, ech hât bestömmt Onrecht fir iech en mariage ze frôen. Wât get dât, wann ech iech elo onglecklech mâchen mat mengem schlechte Charakter?....
- MARIE : Här Ulysse, dir sidd emol t'escht zevill bescheidan.
- HYACINTHE: Wann d'Iessen net zur Zeit um Desch stét, da kno'teren ech. Wann ech meng Zeitung liésen, sin ech net gär geste'ert. Wann ech meng Mettesrescht hâlen, kann ech net ausstoen, wann én doremmer tröppelt. Wann ech am Rén spaze'ere gin, da sin ech net amstand vun eppes ânescht ze schwetzen, we' fu menge Kre'enân de' mech penegehen.

MARIE : Le'wen Här Ulysse, wann all Fiancéen wären we' dir, da ge'wen et keng schlecht Männer. -Ech hun och alt meng kleng Fehler.

HYACINTHE: Nén, nán, dir sidd én Engel.

MARIE : Wann ech de Wanter d'Fe'ss erkält hun, da sin ech net ömmer ganz gudd opgeluecht...Wann ech de Schnapphun, an ech hun eng ro't Nues, da sin ech net ganz sche'n...Wann ech d'Zänn we' hun an dat könnt mir hei ando fir, dann ass net gudd Kieschte mat mir iessen...Ech froe mech wirklech, Här Hyacinthe, op ech èrer wert sin?

HYACINTHE: (lächelt) Wât mâche mir Fisematenten. Soll ech iech soen, dass meng Le'ft zu iech de'f a echt ass, trotz èren Engelen, èrer ro'der Nues an ère we'hen Zämm.

MARIE : Grad we'bei mir, Här Ulysse. Wa mir emol bestued sin, da gesin ech èrt klengt Dröppeglieschen net, ech richen èr Peif net, an ech he'eren iech net schnarchen, well ech sin jo fro'h mat iech ( dé Moment sin sie op 2 Seite vun der Bühn? Hyacinthe höllt all sei Courage zesummen a gét mat grouse Schreck op d'Marie zo' o'ni é Wuert ze' soen)

HYACINTHE: (höllt hir Hand) Joffer Marie!

MARIE : Här Ulysse!

HYACINTHE: (feierlech) Amor a Maria!

MARIE : Ass dat é Gebiéed?

HYACINTHE: Ech constate'eren nömmen op Latein: d'Marie huet mech gär. Ass dat net wonnerbar? Därf ech mer dann elo erlâben, iech d'Cour ze mâchen?

MARIE : Oh jo, all Dâg.

HYACINTHE: Wât é Gleck, wât eng Se'legkét!

MARIE : Könnt dir Milche spillen?

HYACINTHE: Jo, ech hu fre'er mat menger Mamm gespilt. Mais sie wör net ömmer bei der Sâch. Sie huet bâl mat mungen, bâl mat hiren Dâppercher gereckelt. Da wâr et schwe'er Combinen ze mâchen....

7. Oprett: Diselwecht, Rosalie, Jeanne, Hortense, Arlette  
=====

HORTENSE : Marie, hei sin deng Schwestern an deng Cousine Arlette.

MARIE : (weist op den Hyacinthe) Ech stellen iech mei Fiancé fir (all verneipen sech)

ROSALIE : Ech si wirklech fro'h, dass émol é Mann an ons Familje könnt.

HYACINTHE: An ech kre'en eng Frâ mat drei Schwe'eschen derbe

ARLETTE : (gentille) Wât musst dir fro'h sin, Här Hyacinthe?

HYACINTHE: (tuddelt fu Fréd) Oh dir, wann ech....Wann ech jo eso' keng wâr...

ARLETTE : Wât ge'ft der da mâchen?



WANN DI  
AL SCHEIERE  
BRENNEN.....

KOMÉ'DISTECK AN 4 AKTEN  
VUM GERMAINE AN ALBERT ACREMANT  
FRET AN D'LEZEBURGESCHT IWERDROEN VUM C.L.

## PERSO'NEN

ARLETTE, é modernt jonkt Médchen

HORTENSE, 48 Joer, autoritaire âl Joffer

Rosalie; 45 Joer; e besschen pîpech

4 Schwestern

Jeanne, 40 Joer,

Marie, 35 Joer

ERNESTINE, Dengschtmédchen, 45 Joer

M. HYACINTHE, 45 Joer; Professor am Kollesch

M. JACQUES, 29 Joer

H. Durant, 50 Joer, gudde Bekannten vum Haus

M. de la Fontaine, 60 Joer, Propriétaire

M. AUGUSTIN, 40 Joer

Den e'schten Akt spillt sech ôf an der Salle-à-manger vum déne 4 Dammen. Am Hannergrond eng Trâp, de' quiésch durch de Fong vum Zëmmer gét. No fir, rechts a lenks eng Dîr. Lenks me' zreck eng Fenster mat klenge Ridoen. An der Mött vum der Bühn én Dösch, wo'rop eng kleng greng Plqz stét. E gro'sse Petrolskènki hängt vum Plafang erof. Rechts stèt e Buffet mat Argenterie. an âle Porzelein. Virun der Trâp am Fong 4 Handarbechtsdösch, Hockeren an eng âl Standauer. Op der Cheminée lenks en âle Konstgegenstandöner Glas. Dât Ganzt muss é properen ower kén ârmen androck mâchen.

De' 4 Jofferen sin dselwecht ugedoen: lîng Jupen, he'ch Collien, d'Hoer ugezun, lîng Halsketten ( sautoires). Et ass Owend, de' gro'ss Lûcht ass ugefangen. De' 4 Jofferen sötzen virun hiren Arbechtsdösch. Wann de' Rideau opgét, droen se hir Dösch an eng Rei an de' Fong. D'Hortense setzt sech un dé gro'ssn Dösch, zu de' Leit gedre't.